N°4528
Entrée le 23.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Mobilitéitsminister an un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 586 vum 5. Abrëll 2024 betreffend déi automatiséiert Usoen um Findel haten d'Madamm Mobilitéitsminister an den Här Kulturminister geäntwert: *"D'Erneierung vum System ass mëttlerweil ofgeschloss, deemno sinn déi generell Usoen um Findel och op Lëtzebuergesch ze héieren."* Trotzdeem hunn ech festgestallt, datt déi aktuell Realitéit um Findel net där vun der Regierung virun zwee Joer confirméierter technescher „Erneierung" entsprécht.

Dofir géif ech gär bei der Regierung nofroen:

1. Aus wéi enge Grënn sinn déi generell Usoen um Findel aktuell net bzw. net méi op Lëtzebuergesch ze héieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten